



Rapport Referees' Commission - 18.02.2021

Present : Frieden, Geib, Keiffer F., Nesser, Simonelli, Weber

Entschëllegt : Frieseisen, Courtois, Weinzierl

- 1) **Wéinst den aktuelle Restriktionen ass d'Versammlung iwwer Video gehale ginn.**
- 2) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 19.01.2021.**
- 3) **Demissioun Mariella Pascalicchio.**
*Leider muss d'Mariella Pascalicchio aus privaten a berufleche Grënn seng Aarbecht an der Refcom nidderleeën. D'Refcom seet dem Mariella villmools Merci fir seng gutt Mataarbecht an hoffen d'Mariella awer an nächster Zukunft bei dem engen oder anere Match ze begéinen.
An dem Kontext deelt d'Refcom mat, dass elo nees eng Plaz fir e Representant vun de Clibb fräi ginn ass. Interesséiert Leit sollen sech ënner refcom@flh.lu mellen. Merci.*
- 4) **Tests Arbitter Play-off AXA-Leagues**
*D'Reegeltester fir d'Arbitter fir de Play-off AXA-Leagues war den 30. Januar 2021 a si positiv ausgefall. D'Refcom huet d'Koppele festgeluecht, déi an de verschiddene Play-offs zum Asaz kommen.
Eng Koppel, mat der néideger Erfahrung am Ausland, hat zäitlech gesinn nach net d'Chance déi néideg lëtzebuergesch Diplomer ze kréien. Well d'Beobachtunge vun der Koppel awer ganz villverspriedend sinn, gëtt déi Koppel am Play-off Montée vun den Hären agesat.*
- 5) **Formatioun Delegué FLH**
De Patrick Simonelli kuckt fir mam Kay Holm, Schiedsrichter-Lehrwart vum DHB, an nächster Zukunft nach eng Weiterbildung fir eis Delegué ze organiséieren.
- 6) **„Zuschauer“ bei Matcher**
*D'Refcom wëll d'Arbitter drop hiweisen, dass si responsabel fir de Spillberäich sinn, d'Tribün an Ëmgeréits an d'Responsabilitéit vum Club fält.
Um Niveau vum Terrain solle sech just Leit ophalen, déi direkt (Spiller, Offizieller,...) oder indirekt (Press, DJ, Delegué d'orde,...) mam Match ze dinn hunn.*
- 7) **Arbitter bei Frëndschafsmatcher**
Well méiglech spéider Oplage fir Arbitter ze grouss sinn, deelt d'Refcom mat, dat si just Arbitter fir Frëndschafsmatcher nominéiere, wou d'Spiller an d'Offizieller getest sinn. D'Arbitter musse fir all Match getest sinn.

Nächst Refcom de **16. März 2021 um 18h15.**